N°4762
Entrée le 16.09.2026
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 16.09.2026
Chambre des Députés

PIRATEN

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 16/09/2026

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Bildung, Kanner a Jugend, Aussenugeleeënheeten & Famill, Solidaritéit an Integratioun weiderzeleeden.**

Den 13te September hunn déi tierkesch Autoritéite landeswäit Operatioune géint LGBTIQ+ Organisatiounen duerchgefouert. Ëffentlechen Informatiounen no ermëttelt d'tierkesch Regierung géint 162 Persounen, dobäi goufen Dosende Persoune festgeholl.

An der Tierkei steet d'LGBTIQ+-Community zanter Joren ënner ëmmer méi staarkem politeschen Drock. Besonnesch islamistesch-konservativ Beweegunge stellen d'Rechter vu LGBTIQ+-Persounen ëmmer nees a Fro. Déi tierkesch Regierung, rondërem de President Erdoğan souwéi senger Partei AKP, notzt hei dat ganzt Potenzial vum Staatsapparat fir Minoritéiten geziilt z'ënnerdrécken.

Pride-Demonstratioune sinn a ville Stied verbueden, Aktivist:innen an Demonstrant:innen gi festgeholl an LGBTIQ+-Persounen ginn als Gefor fir d'Famill an déi gesellschaftlech Wäerter duergestallt.

Zu Lëtzebuerg ass de Schutz vu Persoune virun Diskriminéierung opgrond vun hirer sexueller Orientéierung oder Geschlechtsidentitéit e wichtegen Deel vun eiser oppener a fräier Gesellschaft.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wéi bewäert d'Regierung d'Virgoe vun den tierkeschen Autoritéite géint LGBTIQ+-Organisatiounen?
   Huet Lëtzebuerg dëse Sujet bilateral, op EU-Niveau oder an internationale Gremien ugeschwat oder wëll d'Regierung dat maachen?

2. Wéi eng Moossnamen am Beräich Präventioun a Sensibiliséierung zu Lëtzebuerg ënnerholl, fir

d'Rechter vun der LGTBIQ+-Community géint islamistesch-konservativ-regressiv Narrativer, Drohungen a Gewalt ze schützen?

3. Gesäit d’Regierung hei weider Moossname vir, zum Beispill iwwert weider méi breet Sensibiliséierungskampagnen?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten